LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 FEV. 2019

Luxembourg, le 26 février 2019

Concerne: Question parlementaire n° 244 du 22 janvier 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen.
Réf. : 82ax8bd25

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse du soussigné à la question parlementaire n° 244 du 22 janvier 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Maisons médicales".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Monsieur le Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 244 du 22 janvier 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Maisons médicales".

D' « maisons médicales » goufen am Joer 2008 a Betrib geholl aus zwee Grënn. Éischtens, fir en « Service de remplacement » ausserhalb vun den normalen Ëffnungszäiten vun den Dokteschpraxen ze garantéieren, an zweetens fir d'Polycliniquen vun de Spideeler ze entlaaschten, ouni awer wierklech e "Service d'urgence" ze sinn. Et ass also eng "Maison médicale" fir all "région hospitalière" geschafen ginn.

Zum Zäitpunkt, wou d'maisons médicales geschaaffen goufen, huet den Spidolsplang vun 1999, deen bis den 1. Abrëll 2018 an Kraaft war, 3 "Régions hospitalières" ausgewisen (Süden, Zentrum an Norden); den Osten gouf net als sougenannten "région hospitalière" definéiert.

Et war och ëmmer d'Uleies vum Gesondheetsministère fir d'maisons médicales an der Proximitéit vun engem Spidol opzemaachen, fir dass d'Patiente bei Bedarf och kënnen op spezialiséiert Servicer vun engem Spidol zeréckgräifen, wéi z.B. Röntgenapparaten, Laboratoire, asw.

Duerfir leit am Norden d'maison médicale just eng 50 Meter vum CHdN Ettelbréck ewech, am Süden direkt vis-à-vis vum CHEM, an am Zentrum, nieft der Zithaklinik.

Aus dësem Grondprinzip vun der Proximitéit zu engem Spidol eraus, ass deemools kéng 4. maison médicale am Osten geplangt ginn.

De Regierungsprogramm gesäit awer vir, dass eng Verstäerkung vun der Primärversuergung virgeholl soll ginn, an des Verstäerkung kéint besonnesch Regiounen wéi dem Osten, wou keng Maison médicale ass, zegutt kommen.

Dofir hunn ech mengen Servicer den Optrag ginn, ze préiwen, wéi mir sougenannten „cabinets de groupe", also Gemeinschaftspraxen (zesummegestallt aus nëmmen Generalisten oder aus Generalisten an aneren Spezialisten oder Gesondheetsberuffer) reglementéieren kënnen, fir dem Bierger en nach besseren Zougang zu medezineschen Déngschtleeschtungen ubidden ze kënnen, an dat iwwerall am Land.

Aus deenen selwechten Grënn hunn ech mir och der Aufgab ugeholl, déi och am Regierungsprogramm steet, eng Reflexioun iwwert déi méiglech Ouverture vun Equipementer d'imagerie médicale (IRM, scanner etc) am Secteur extrahospitalier ze féieren.

Wat elo den konkreten Projet vun engem zukünftegen medezineschen Zenter um Potaaschbierg ugeet, handelt et sech net em eng Initiativ vum Gesondheetsministère, mä ëm eng Initiativ, déi vun engem privaten Träger gedroen gëtt d.h. vun der Fondation Robert Schuman. Meng Servicer sinn net an dëser Planifikatioun mat agebonnen.